

FORMATIOUN

Animateur;trice

Jugendroutrkräiz



Programm 2024 → 2025



croix-rouge
luxembourgeoise



Mënschen hëllef

FORMATIOUN TO GO


B	Meet&Greet - 1 2025-1	19.10.2024 → 20.10.2024	p.3
B	Formatiounswoch Aide-Animateur;trice 2025-2	28.10.2024 → 02.11.2024	p.3
B/C	Kreativitéit kennt keng Grenzen 2025-3	11.01.2025 → 12.01.2025	p.4
B/C	Musék a méi 2025-4	25.01.2025 → 26.01.2025	p.4
D	Stressmanagement 2025-5	25.01.2025 → 26.01.2025	p.4
B/C	Kommunikatioun an all hire Facetten 2025-6	01.02.2025 → 02.02.2025	p.5
B	Meet&Greet - 2 2025-7	22.02.2025 → 23.02.2025	p.5
B/C	Eng Kolonie vir jiddereen 2025-8	01.03.2025 → 02.03.2025	p.6
B	Formatiounswoch Aide-Animateur;trice 2025-9	05.04.2025 → 11.04.2025	p.6
C	Formatiounswoch Animateur;trice 2025-10	05.04.2025 → 11.04.2025	p.7
B/C	Thema Sexualitéit 2025-11	03.05.2025 → 04.05.2025	p.7
D	Teambuilding 2025-12	07.06.2025 → 08.06.2025	p.7
D	Spécialisatioun Rescue Team 2025-13	14.06.2025	p.8
B/C	Entdeckungsrees an der Natur 2025-14	28.06.2025 → 29.06.2025	p.8
B/C	Safety first 2025-15	05.07.2025 → 06.07.2025	p.9
	Éischt-Hëllef-Cours 1 2025-16	16.11.2024	p.9
	Éischt-Hëllef-Cours 2 2025-16	23.11.2024	p.9

PROGRAMM

Am Code virum Titel vum Weekend gesäis du fir wéie Brevet d'Formatioun zougänglech ass.

Erklärungen zu de Code 'en:

- B Brevet B
- B/C Brevet B an Brevet C
- C Brevet C
- D Brevet D



B MEET AND GREET-1

 Centre de Formation zu Bartreng

19.10.2024 → 20.10.2024

2025-1

Bass du op der Sich no enger Organisatioun, an där s du aktiv kann s ginn an dech sozial engagéieren kann s? Da bass du beim Jugendroutrkäiz genau richtig. Komm op eisen MEET & GREET a léier d'Jugendroutrkäiz kennen! Hei kriss du all Informatiounen iwwert Kolonien, Formatioun Animateur;trice, Projeten a fräiwëllegt Engagement. Virum allem léiers du nei Leit kennen, déi deng Interessien deelen. Moniteuren;tricen a Formateuren;tricen, déi scho laang Deel vum Jugendroutrkäiz sinn, erzielen dir alles wat s du wësse wëlls an deelen hir Erfarunge mat dir. Trau dech a mell dech séier op: vacances@croix-rouge.lu. Dëse Weekend ass däin éischte Schratt um Wee an déi weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. *Den MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.*

B FORMATIOUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR;TRICE

 Centre de Formation zu Bartreng

28.10.2024 → 02.11.2024

2025-2

An der Formatious-Woch fir Aide-Animateur;trice léiers du d'Liewen am Grupp kennen. Zesumme plange mir Aktivitéiten a organiséiere Spiller. Déi ganz Woch wäerte mir mat dir Situatiounen üben, analyséieren an aus diskutéieren, deenen een sech als Animateur;trice an enger Kolonie stelle muss. Zum Schluss vun dëser Woch solle keng Froe méi opstoen, an du solls dech prett fille vir als Moniteur;trice duerch ze starten.

B/C KREATIVITÉIT KENNT KENG GRENZEN

 Centre de Formation zu Bartreng	11.01.2025 → 12.01.2025	2025-3
---	-------------------------	--------

Op eisem Kreativ-Weekend léiere mir, wéi een eng ganz Kolonie kann an eng Geschicht a bannen, a wéi een dës Geschicht aus der Fantasie vun de Kanner, an d'Wierklechkeet kann ëmsetzen. Mir wäerten d'Thema Kreativitéit méi genau ënnert d'Lupp huelen a folgend Froe behandelen: Wéi kann ech eng Kolonie kreativ gestalten? Wéi eng Aarte vu Kreativitéit ginn et? Wat ass Kreativitéit iwwerhaapt? Wéi kann ech dat kreativ Talent vu Kanner, awer och vu mir selwer, entdecken a fuerderen? Dëst a viles méi gesäis du op dësem Formatiouns-Weekend.

B/C MUSÉK A MÉI

 Centre de Formation zu Bartreng	25.01.2025 → 26.01.2025	2025-4
---	-------------------------	--------

Musek kreativ gestalten. Musek ass faszinéierent, motivéiert an zitt Kanner matt an hiere Bann. Vum Danzen iwwer Sange bis hin zu - zesumme Musek maachen – ass alles dobäi. An dëser Formatioun kriss du ee risege Package vun Aktivitéite mat op de Wee, déi s du zum Thema Musek a Kreativitéit mat an d'Kolonie kann s huelen.

D STRESSMANAGEMENT

 Centre de Formation zu Bartreng	25.01.2025 → 26.01.2025	2025-5
---	-------------------------	--------

Eng Kolonie kann immens stresseg sinn. Och sech an enger neier Equipe ze befannen a matenee funktionéieren ass net ëmmer einfach. Wien kennt en net? De Stress... Wéi séier verfält ee vun enger Stresssituatioun an déi aner? Stress kann iwwerall an zu all Moment optrieden. Mee wéi kann ech mech gutt op esou Situatioune virbereeden? Op dësem Weekend gesi mir, wéi dir iech scho Woche virun enger Kolonie optimal virbereede kënnst, an dir léiert är eege Stressausléiser, -Verstärker an -Reaktiounen kennen.



B/C KOMMUNIKATIOUN AN ALL HIRE FACETTEN

Centre de Formation zu Bartreng	01.02.2025 —> 02.02.2025	2025-6
---------------------------------	--------------------------	--------



Op dësen 2 Deeg, befaasse mir eis méi genau mat der Kommunikatioun. Wosst du dat 80% vun eiser Kommunikatioun näischt mat Wieder ze dinn huet, ma éischer mat eiser Haltung? Egal op an engem Eenzelgespréich, engem Gruppegespréich oder ze guer am Gespréich mat sech selwer, d’Kommunikatioun geet méi wäit wéi just iwwert Wieder. Zesummen denke mir driwwer no, wéi ee richtig nolauschert, gestikuléiert, schwätzt, streit, sech matdeelt an dobäi nach respektvoll mat sech selwer an deenen Aneren ëmgeet. Awer och wéi eng Roll eis Kierpersprooch bei deem ganze spillt. Och am Ëmgang mat verhalenskreative Kanner spillt d’Kommunikatioun eng Schlësselroll. Dofir befaasse mir eis am 2ten Deel vun der Formatioun mat Theme wéi ADHS, Hyperaktivitéit, Streit an Isolatioun. Wéi ginn ech als Moniteur;trice domadder ëm wann ee Kand ausflippt a wéi wäit kann ech d’Kommunikatioun richtig notzen fir Situatiounen ze entschäerfen. Op dës an nach vill aner Froe probéiere mir, an dëser Formatioun, Äntwerten ze fannen.

B MEET & GREET 2

Centre de Formation zu Bartreng	22.02.2025 —> 23.02.2025	2025-7
---------------------------------	--------------------------	--------

Bass du op der Sich no enger Organisatioun, an där s du aktiv kann s ginn an dech sozial engageieren kann s? Da bass du beim Jugendrouträiz genau richtig. Komm op eisen MEET & GREET a léier d’Jugendrouträiz kennen! Hei kriss du all Informatiounen iwwert Kolonien, Formatioun Animateur;trice, Projeten a fräiwëllegt Engagement.

Virun allem léiers du nei Leit kennen, déi deng Interessien deelen. Moniteuren;tricen a Formateuren;tricen, déi scho laang Deel vum Jugendrouträiz sinn, erzielen dir alles wat s du wësse wëlls an deelen hir Erfarunge mat dir. Trau dech a mell dech séier op: vacances@croix-rouge.lu. Dëse Weekend ass däin éischte Schrott um Wee an déi weltwäit Bewegung vum Roude Kräiz. Den MEET & GREET ass obligatoresch fir de Brevet B.



B/C ENG KOLONIE VIR JIDDEREEN

📍 Centre de Formation zu Bartreng	01.03.2025 → 02.03.2025	2025-8
-----------------------------------	-------------------------	--------

Ganz nom Prinzip vun der Inklusioun huelen un de Vakanze vum Jugendroutrëiz gläicher Moosse Leit mat an och ouni Beanträchtegung deel. Mee wat ass dat iwverhaupt, „eng Persoun mat enger Beanträchtegung“? Wat fir eng Forme vu Beanträchtegung gëtt et? Wéi kenne mir Vakanzen esou gestalten, dass se fir jiddereen een Highlight ginn? Well et eis awer och wichtig ass dat keen sech wéi deet, kriss du an engem Deel vun der Formatioun speziell Hiewtechnique gewisen, vir Leit mat enger Beanträchtegung richteg ze hiewen. Op dës Froen, an op honnert anerer, siche mir dëse Weekend Äntwerten.

B FORMATIOUNSWOCH AIDE-ANIMATEUR;TRICE

📍 Sandkaul- La Panne (B)	05.04.2025 → 11.04.2025	2025-9
--------------------------	-------------------------	--------

Als Moniteur;trice an d’Kolonie ze fuere soll geléiert sinn. Op eiser Formatiounswoch leiers du unhand vu prakteschen Erfarunge weis du dech a verschidde Situatioune verhele solls. Engersäits steet d’Schaffen am Grupp an d’Virbereede vun Aktivitéiten am Fokus. Anerersäits gëss du alles iwver Spiller, vun de Situatioune, der Virbereedung, de Reegelen iwver Duerchféierung bis hin zur Evaluatioun gewuer. Du léiers:

- Wéi organiséieren ech ee Spill?
- Wat maachen ech, wann en Kand mir net follegt?
- Wéi stellen ech ee Programm op?

Zum Schluss vun der Woch solle keng Froe méi opstoen an du solls dech prett fille fir als Moniteur;trice duerch ze starten.

C FORMATIOUNSWOCH ANIMATEUR;TRICE

📍 Sandkaul- La Panne (B)	05.04.2025 → 11.04.2025	2025-10
--------------------------	-------------------------	---------

An der Animateurs;trices-Formatiounwoch (Brevet C) kann s du deng Erfahrung an Erkenntnisser ënnert Beweis stellen. D'Formatiounswoch fir de Brevet C ass ganz praxisorientéiert. Duerch den Austausch mat aner Moniteurs;tricen a Formateurs;tricen léiers du méi iwwert dech selwer kennen, a kann s erliefte Situatioune reflektéieren. Am Fokus stinn Themen ewéi.

- Gruppendynamik
- Sécherheet
- Kooperatioun
- Konfliktléisung
- Responsabilitéit
- Kommunikatioun
- Animatioun

B/C THEMA SEXUALITÉIT

📍 Centre de Formation zu Bartreng	03.05.2025 → 04.05.2025	2025-11
-----------------------------------	-------------------------	---------

Mir schwätzen driwwer: Sexualitéit! Informatiounen, Diskussiounen, Ëmgang mam Thema Sexualitéit a geschlechtsspezifische Rollenverständnisser. Op wat muss ech an der Kolonie mat Kanner a Jugendlechen oppassen? Wei soll ech als Moniteur:trice mat Themen ronderëm Kierper, Sexualitéit, Bezéiungen an Geschlecht ëmgoen? Wou si meng Grenzen a wat ass meng Roll?

D TEAMBUILDING

📍 Centre de Formation zu Bartreng	07.06.2025 → 08.06.2025	2025-12
-----------------------------------	-------------------------	---------

Hei befaasse mir eis mam Thema Teambuilding. Wéi setzt sech eng Grupp zesummen. Wat kann ee maache fir den Teamgeescht ze stäerken? Wéi kann ee mat Konflikter am Grupp ëmgoen? Unhand vu ville prakteschen Übunge gi mir op Theme wéi Kooperatioun, Zesummenhalt, Kommunikatioun oder och Vertrauen an.



D SPEZILISATIOUN RESCUE-TEAM

📍 Centre de Formation zu Bartreng

14.06.2025

2025-13



Éischt Hëllef ka Liewe retten! Och Kanner a Jugendlecher kënnen Gesten a Reaktiounen vun der éischter Hëllef léieren. Dofir ginn an dëser Spezialisatioun nach eng Kéier d'Geforen, d'Preventioun, d'Behandele vu Blessuren an Noutfallsituatiounen widderholl. Den Haaptfokus läit dorop, wéi een dëst op eng pedagogesch an interessant Aart a Weis, de Kanner a Jugendlechen weider vermëttele kann. Eng Saach ass sécher – Eicht Hëllef ass eng spannend a wichteg Saach – fir jiddereen!

→ Des Spezialisatioun ass Deel vun dem Module „Rescue Team“ vum Brevet D, wou nach een Éischt Hëllef Cours (16 Stonnen) an déi selbststänneg Preparatioun an d'Duerchféiere vun engem Atelier dozou gehéiert.

B/C ENTDECKUNGSREES AN DER NATUR

📍 Centre de Formation zu Bartreng

28.06.2025 → 29.06.2025

2025-14

Dëse Formatiouns-Weekend hunn mir an 2 Deeler gespléckt. Deen éischten Dag steet ganz am Prinzip vun der Erlebnispädagogie. An dëser Formatioun kriss du Iddien, weis du de Kanner an der Kolonie op spilleresch Aart a Weis d'Natur kann s méi no bréngen, an esou zesummenhalt an d Kooperatioun am Grupp stärke kann s. Zesumme maache mir eis Gedanke wei een Abenteuer an der Natur kann erliewen an dobäi onvergiesslech Erfarunge mécht. D'Natur bitt ee risegt Spillfeld a waart nëmmen dorop entdeckt ze ginn. Mee...Wat ass iwwehabet en Abenteuer? Deen 2ten Dag steet ënnert dem Motto: Kachen ass u sech keng Konscht - wann een et da mat Jugendlechen zesummen op eemol fir eng Ekipp vun x Leit soll maachen, kann een awer mol séier den lwwerbléck verléieren. Dobäi kommen eng jett Hygiènesreegelen, déi ee muss anhalen. Op wat s du oppasse muss, wann s du an der Kolonie kachs, wéis du d'Akafen an d'Kachen nohalteg an ouni vill Verschwendung kann s gestalte, mee och wat déi gängeg Allergien a Regimes alimentaires sinn, weise mir dir op dësem Weekend - souwuel an der Theorie, wéi och an der Praxis.

B/C SAFETY FIRST

📍 Centre de Formation zu Bartreng	05.07.2025 → 06.07.2025	2025-15
-----------------------------------	-------------------------	---------

Dëse Weekend steet ganz am Zeeche vun der Sécherheet. Ob einfach nëmmen ze Fouss ënnerwee, um Vëlo oder de Ski; ob en Spill am Bësch, um Feld oder am Haus; ob Relaxatiounsowend oder lessenssituatioun: Boboen, Bëlsen, Téitschen a Schrëipse stinn iwwehall op der Dagesuerdnung. Ëmsou méi wichteg ass et kléng Verletzunge richteg ze versueren, se virzebeugen, ze tréischen an d’Kanner rëm all sécher Heem ze bréngen. Heirobber gi mir intensiv am éischten Deel vun der Formatiou an. Den 2ten Deel dréit sech wuel nach ëmmer ëm Sécherheet, ma eischer um a beim Waasser. „Haut gi mir schwammen“, eng Saach déi de Kanner ëmmer gutt gefält. Mee d’Waasser bréngt och Gefore mat sech. Dorop probéiere mir ons sou gutt wéi méiglech virzebereeden. Wärend dësem Dag wäerte mir kucke wou d’Gefore lauere bei engem Besuch an enger Schwemm oder am Mier. Wéieng Spiller kann ech mat de Kanner oder Jugendlechen am Waasser maachen? Wéi schwammen ech mat Kleeder am Waasser? Wéi zéien ech een aus dem Waasser eraus? Ausserdeem wäerte mer gesi wéi een sech an enger Noutfallsituatioun verhält well dat eenzegt wat ee ka falsch maachen ass näischt ze maachen!



ÉISCHT-HËLLEFS-COURS 1/ COURS 2

📍 Centre de Formation zu Bartreng	16.11.2024 (cours 1) + 23.11.2024 (cours 2)	2025-16
-----------------------------------	---	---------

Een Basis Éischt-Hëllef-Cours vun 2 Deeg fir Jugendlecher ab 15 Joer!

- Den Éischt-Hëllef-Cours zielt net fir de Brevet Animateur;trice.
- Een oofgeschlossenen Éischt-Hëllef-Cours ass obligatoresch fir kennen un der Spezialisatioun Rescue Team (Brevet D) deelzehuelen.

KONDITIONEN



D'FORMATIOUN VIR DE BREVET ANIMATEUR;TRICE ASS AN 2 ETAPPEN AGEDEELT:

- „Aide-Animateur;trice d'activités de loisir Brevet B“
- „Animateur;trice d'activités de loisir Brevet C“

B

KONDITIONEN FIR DE BREVET B (AIDE – ANIMATEUR;TRICE)

- Mindestens 15 Joer al sinn



Wat muss ech maache fir Aide-Animateur;trice ze ginn?

- 1 Meet and Greet Infoweekend
- 2 Formatiounsweekender
- 1 Formatiounswoch „Aide-Animateur;trice“
- 1 Vakanzekolonie

Dës Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen

C

KONDITIONE FIR DE BREVET C (ANIMATEUR;TRICE)

- Mindestens 16 Joer al sinn
- Eng ofgeschloss Formatioun „Aide-Animateur;trice, Brevet B“



Wat muss ech maache fir Animateur;trice ze ginn?

- 3 Formatiounsweekender
- 1 Formatiounswoch „Animateur;trice“ (heifir muss de mindestens 2 Kolonie matgemaach hunn)
- 1 Vakanzekolonie

Dës Formatioun dauert mindestens 150 Stonnen

D

KONDITIONEN FIR DE BREVET D (ANIMATEUR;TRICE SPÉCIALISÉ)

- Mindestens 18 Joer al sinn
- Eng ofgeschloss Formatioun „Animateur;trice, Brevet C“



Wat muss ech maache fir Animateur;trice spécialisé ze ginn?

- 2 Formatiounsweekend vum Brevet D:
 - + 1 Formatiouns- Weekend Stressmanagement
 - + 1 Formatiouns-Weekend Teambuilding
 - + 1 Ofschlossaarbescht

→ Spezialisatioun Rescue Team:

- + 1 oofgeschlossenen éischt Hëllefscours
- + 8 Stonnen Spezialisatioun éischt Hëllefscours
- + Preparatioun & Duerchféiere vun engem Atelier

Des Formatioun dauert mindestens 25 Stonnen. Du kanns och ouni Brevet un dëser Spezialisatioun deelhueven an kriss de Brevet D dee Moment nogereescht wou s de dän Brevet C ofgeschloss hues.



Paak eng Hand mat un

Du wëlls dech gärën engagéieren?

Du wëlls onvergiesslech Momenter mat Kanner an Jugendlecher erliewen

Du hues Loscht néi Leit kennen ze léieren?

Du hues Loscht néit Wëssen an néi Erfarungen ze sammelen?

Dann bass du bei eis genau richtig.

Zeck net laang a géff Moniteur:trice an de Vakanzekolonie vum Jugendroutkräiz.

Mell dech einfach un! Mir freeën eis op dech!



1 Formatiounsweekend dauert an der Regel vu Samsdes moies 09:45 Auer bis Sonndes mëttes 17 Auer. Iwwernuechten op der Platz ass obligatoresch.

→ 1 Formatiounsweekend kascht 25€ „all inclusive“

→ 1 Formatiounswoch kascht 150€ „all inclusive“

→ Falls Ännerunge géife virleie gëss du heiriwwer informéiert



ASCHREIWUNGEN AN INFORMATIOUNEN:

Jugendroutkräiz

Postadress:

BP 51 – L-8005 Bertrange

Onsen Site:

10 Cité Henry Dunant

L-8095 Bertrange

Oder einfach follgende

QR-Code scannen:



croix-rouge 
luxembourgeoise
Menschen helfen

Tel: +352 2755 6205
vacances@croix-rouge.lu
 jugendroukraiz

www.croix-rouge.lu